

GEMENG MIERSCH

ZWEE SERVICER FIR EELER A GESONDHEETLECH UFÄLLEG LEIT

LGS Miersch : Gratis Service fir doheim

D'Gemeng Miersch ënnerstëtzt d'Initiative vum Groupe St. Michel Miersch vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten, fir de **Leit mat erhéichtem Risiko wichteg Wueren gratis heem ze liwweren**. D'Senioren a gesondheetlech ufälleg Persounen, kënnen d'Scoute zënter enger Woch iwwer Telefon oder Mail kontaktéieren fir d'Akeef vu

- Liewensmëttel
- Hygiènesproduiten
- Medikamenter (mat enger Ordonnance médicale)

T. 661 879 736

ba.lgsmersch@gmail.com

T. 621 427 061

lambert_carole@outlook.de

Nei Plattform fir online Akeef vun eelere an gesondheetlech ufällege Leit

Zënter e puer Deeg ass eng nei Verkaafs-Plattform online. corona.letzshop.lu gouf vun zwee Ministèren **speziell fir eeler Leit a vulnérabel Persounen** an d'Liewe geruff.

Dës Plattform ënnerstëtzt Persounen bei hiren online Akeef andeems se op dee bestehende Site vu [Letzshop.lu](https://letzshop.lu) zeréckgräift. Iwwer dës Wee kënnen déi concernéiert Persounen ronn 40 Produiten wéi Räis, Nuddelen, Mëllech, Friichten a Geméis online bestellen.

Fir d'Commanden ze vereinfachen bitt de Systèm déi kllassesch Manéier vum Online-Akaf op corona.letzshop.lu an awer och iwwer den Telefon 8002 92 92.

Web-Säit: corona.letzshop.lu

Tel. 8002 9292